
fraen a mammen bartreng

Action Catholique des Femmes du Luxembourg

# Programm September- Dezember 2015




**SA 26. September** fënnt de **Schöpfungsdag** statt op Initiativ vun Andante, der europäescher Organisatioun vun de kathoulesche Fraeverbänn.
Den ACFL bitt e meditativen Tour un zum Thema "Zerstörter Schöpfungsgarten - gefährdetes Leben". (Genee Informatiounen fannt Dir am nächste Marienland)

**SA 03. Oktober** huele mir um **Broschtkriibslaf** (4 km) deel, dee vun Europadonna Luxembourg bei der Abtei Neumünster organiséiert gëtt.
Jidderee kann a sengem Rythmus goen (einfach goen, Nordik walken oder lafen).
**Départ** ass bei der Gemeng um Quai 1 mam **Bus 6** um **08.57** Auer
**Rendez-vous** ass um **09.30** Auer bei der Clausener Kierch fir en T-Shirt vum ACFL an en Dossard ze kréien (de Laf fänkt um 10h00 un) (www.broschtkriibslaf.lu)




**DO 22. Oktober** um **14.30** Auer kréie mir an den Nationalarchiven eng Visite guidée vun der Ausstellung "**Besser Famillen**", déi am 19. Jh. d'Eliten an der Politik, der Wirtschaft an der Gesellschaft ausgemaacht haten.
Mellt Iech un beim A.Kieffer (31 67 37) oder beim T.Reuter (31 70 82).
**Départ** ass bei der Gemeng um Quai 2 mam **Bus 5** um **13h56**.
**Maximal 15 Persoune** kënnen sech umellen.

**SA 24.Oktober** um **20.00** Auer gi mir ‚**Queen Swings'-Show** an der **Philharmonie**



lauschteren, wou d'Musek vun der weltbekanntene Grupp 'Queen' ganz nei am Big Band Jazz- a Swing-Stil opgeluegt gëtt. De bekanntene lëtzebuerger Sänger Serge Schonkert gëtt vum ‚Luxembourg Jazz Orchestra' a vum ‚Jazz Choir" begleet.
De **Präis** ass **40 €** (D'Zuel vun de Plaze si limitéiert !) Wann Dir interesséiert sidd, mellt Iech w.e.g. sou séier wéi méiglech un, fir gutt Plazen ze kréien: beim D.Wirtz-Hess: 31 66 15 (16.-30.Aug. fort) oder T.Reuter: 31 70 82.
**Départ** mam **Bus 8** um **19.15** Auer vum Arrêt beim **Waassertuerm** (Belle Etoile)
Am Internet kënnt Dir e Virspann lauschteren. Am Google schreiwt w.e.g.

*Queen Swings Trailer Youtube*

**SA 31.Oktober** ass de **Formatiounsdag** vum ACFL an der Maison d'Accueil vun Franziskanerinnen um Belair, vun 9h00 bis 12h20.  D'Mëttegiessen ass fakultativ. Méi Informatiounen stinn am nächste Marienland.
Wann Dir wëllt deel huelen, mellt Iech w.e.g. an der Zentral un.
**Départ** ass bei der Gemeng um Quai 1 mam **Bus 6** um **08h27**

**SO 08.November** organiséiere mir eist traditionellt **Hierschtfest** am Centre Atert vun **11.30** bis **16.00** Auer. Mat dem Erléis ënnerstëtze mir wéi ëmmer 2 Associatiounen. D'Invitatiounen gi kuerz virdrun ausgedeelt.




**DË 08.Dezember** um **14.30** Auer fënnt d'**Adventsfeier** an der **Résidence du Domaine Schwall** statt.
En Transport gëtt organiséiert fir déi Leit, déi net sou gutt zu Fouss sinn.  D'Invitatiounen ginn nach erausgeschéckt.

**DË 15. Dezember** fënnt d'**Adventsfeier vum Dekanat** zu **Nouspelt** an der Kierch.